



Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Kulturministesch, an dem Här Lex Delles, Minister fir Tourismus, op d'parlamentaesch Fro n° 5116 vum 19. Oktober 2021 vun den Hären Députéierten Fred Keup a Roy Reding.

Op Grond vu Revalorisatiounsaarbechten a neie Sécherheitsmesurë goufen d'Bock-Kasematten an d'Kasematte vun der Bastioun Beck fir de Public zougemaach. Am Laf vun enger Visitt am Mäerz 2021 gouf festgestallt, datt verschidde Garde-corps bei der Sortie vun de Kasematte vun der Péitruss net méi konform zu de Sécherheitsnorme sinn. D'Administration des Ponts et Chaussées ass doropshi beoptragt ginn, d'Rampen a Garde-corps ze realiséieren, déi de neiste Sécherheitsnormen an och de Recommandatioune vum Comité de gestion UNESCO Site Management entsprechen. Weider Aarbechte betreffen d'Installatioun vun Equipementer an Aarbechten um elektresche Reseau sou wéi un de Schlässer.

Et ass virgesinn dës Aarbechte bis zum Ufank vun der Tourismussaison 2022 ofzeschléissen an d'Kasematten dann nees fir de Public opzemaachen.

D'Fermeture vun de Bock-Kasematten an de Kasematte vun der Bastioun Beck stinn deemno a kengem Zesammenhang mat der Covid-19-Pandemie.

Et ass ni e gudden Zäitpunkt fir e Kulturgutt wéinst Aarbechten zouzemaachen, mee d'Sécherheet vun de Visiteuren huet Virrang an et ass wichteg, hinnen optimal Konditiounen ze bidden, fir datt hir Visitt souwuel memorabel ass, wéi och alle Sécherheitsnormen entsprécht.

Lëtzebuerg, den 22/11/2021

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson